



wéi méiglech beim Bierger. Mir hunn do och eis Virschléi als déi Lénk gemaach, wat eng Staffellung vum Waasserpräis ugeet.

Mir sinn der Meinung, dass verschidde Landgemeenge mat aussergewéinlech héijen Netzkäschten oder mat aussergewéinlech héije Waasserschutzmoossnamen, déi erfuerdert sinn, solle staatlech subventionéiert ginn an dass dee Problem soll iwwert dee Wee geléist ginn.

Natierlech muss déi Direktiv, déi a Preparatioun ass, verhënnert ginn, a mir verlaangen och do vum Minister hei eng daitlech Ausso an déi Richtung. A mir mengen och a mir ënnerstëtzten och als déi Lénk déi Petitioun op europäeschem Plang,...

► **M. le Président.**- Här Urbany, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- ...déi verlaangt, dass d'Waasser muss en öffentlecht Gutt ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci. Da kritt elo zum Schluss vun der Diskussioun d'Regierung an den zoustännegen Innenminister Jean-Marie Halsdorf d'Wuert.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Waasser ass a bleift, mengen ech, dat bescht iwwerwaachte Liewensmëttel an d'Waasser wäert och an Zukunft ëmmer nees Diskussiounen bréngen. Ech erënnere mech drun, wann ech all zwee Joer - ech war elo dräimol derbäi - op de Weltwaasserforum ginn, do gëtt et all Kéier iwwert d'Waasser Gestreits.

E Recht op Waasser, eng Majoritéit ass derfir, mä et sinn der och, déi do dergéint sinn, wat ech katastrophen fannen. An do wëll ech ganz kloer zum Beispill soen, dass do d'Regierungs-, d'Lëtzebuurger Regierungshaltung déi ass, dass all Mënsch e Recht op Waasser huet; wou awer nach laang net all Land op der Welt déi Astellung huet.

An och hei, mengen ech, wëll ech all deene Leit, déi hei d'Interventiounen geholl hunn, soen, dass d'Positioun vun der Regierung, mengen ech, net zweediteg ass, mä eenediteg!

Dat Gesetz vum 19. Dezember 2008, wat ech eragereecht hunn, dat ass kloer an daitlech, an dat seet, d'Waasser gehéiert an d'öffentlech Hand. Et ass net, dass ech dat einfach esou gesot hunn, ech hunn dat och an der Regierung gesot, an d'Regierung weess genau, dass d'Waasser an déi öffentlech Hand gehéiert.

A wann ech d'Artikelen huelen, 42 a 46, dat sinn déi Artikelen, déi hei spillen - 42 ass fir d'Dränkwaasser, 46 ass fir d'Ofwaasser -, do steet ganz kloer dran, dass d'Gemengen den Approvisionnement an esou weider mussen asurrieren, wat d'Ofwaasser ugeet a wat d'Dränkwaasser ugeet.

An et steet kloer dran, an ech liesen et dofir vir: «Les activités d'entretien et de surveillance à l'exception de l'exploitation peuvent être soustraites à des entreprises spécialisées.» Also, dat ass kloer an daitlech: Den Entretien an d'Iwwerwaachung vun där Anlag, déi kënnen an eng drëtt Hand gi ginn. D'Exploitatioun bleift beim Stat!

Dofir mengen ech, wann hei Leit wëllen dat Gefill opkomme looszen, dass d'Regierung hei keng kloer Haltung huet, d'Regierung huet hei eng ganz kloer Haltung: Mir si fir d'Waasser an der öffentlecher Hand!

An dofir ass fir mech do guer keng Diskussioun, dofir brauche mer och net eng „Réckestäip“, wéi den Här Gibéryen gemengt huet. Ech mengen, dat ass kloer an daitlech,...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dat ass awer besser.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- ...déi ganz Regierung, an ech mengen, eise Vizepremier ass och hei, dat ass kloer an daitlech, mir sinn do dergéint.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Wat?

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Dass d'Waasser géif privatiséiert ginn!

(*Interruption*)

Elo si Leit, déi gemengt hunn, mir sollen d'Waasser eraushuelen aus där Direktiv, déi elo hei virläit, déi Konzessiounsdirktiv, an ech mengen, dat mécht kee Sënn.

Well déi Konzessiounsdirktiv, firwat ass déi agefouert ginn? Nun, et ass eng Direktiv, dat wëll ech emol soen, déi ass am Conseil compétitivité diskutéiert ginn, an et ass gekuckt ginn, dass am Bannerum, dem Marché intérieur, dass do sollen déiselwecht Spillregelen un allen Enne spillen, fir justement ze vermeiden, dass do gemauschelt gëtt.

Well et esou ass, dass - et gëtt keng kloer Regeln, déi eng hu Regeln, déi aner hunn iwwerhaupt keng -, dass, wa Marché vergi ginn, dass dann do net gemauschelt gëtt!

Tatsach ass awer, dass d'Saarland, dass déi net alleguerten d'Waasser an öffentlecher Hand hunn! Tatsach ass, dass a Frankräich d'Waasser net an öffentlecher Hand ass! Also muss een deene Länner d'Méiglechkeet ginn, fir dat anstänneg ze maachen, an dass do wierklech d'Code-de-déontologies, wann ech dat Wuert wëll huelen, wat esou aktuell ass, dass déi do respektéiert ginn!

An dofir fannen ech et awer normal, dass een esou eng Direktiv ënnerstëtzt. An dofir ënnerstëtze mer déi Direktiv och hei, wéi se elo ass. Emsou méi, emsou méi déi Direktiv kloer, déi Proposition kloer expressément soulignéiert - ech soen et nach eng Kéier -,...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Mir mussen awer eng Motioun maachen!

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- ...si soulignéiert, dass se net do ass, fir d'Fräiheet vun deenen eenzelnen Adjudicataires, fir déi anzéngen, dass, wa si wëlle selwer Missiounen halen, déi en Intérêt public hunn, an dësem Fall ass et dann d'Waasser, an déi an hirer Kompetenz sinn, dass se do hir eege Ressourcen huelen.

Also, dat ass kloer an daitlech! An iwwerhaupt kenger Form steet an där Direktiv iergendwou dran, dass d'Privatisatioun, dass een där sech misst ënnerleeën oder dass een elo géif dozou gedrängelt ginn. An dofir, mengen ech, ass dat eng Diskussioun, déi mer hei féieren, déi an deem Sënn praktesch iwwerflësseg ass, well déi Direktiv kloer an daitlech hire Champ d'application, hiert Objektiv festleet. An do kann all Stat, all Land maachen, wat et wëllt.

An dofir mengen ech, dass et gutt ass, dass mer déi Direktiv kréien, dass an anere Länner, dass dann do och seriö an deem Beräich geschafft gëtt.

Ech widderhuelen och nach eng Kéier, e Communiqué de presse, deen erauskomm ass vun der Kommissioun vum 23. Januar 2013, deen huet och ganz kloer gesot, d'Autonomie vun de Pouvoirs locaux, déi existéiert, an: «il appartient aux autorités publiques de décider de la privatisation et non du secteur».

Et ass ganz, ganz kloer, an dofir mengen ech, dass eis Haltung kloer ass, dass déi Direktiv an deem Sënn och kloer ass. Dass een natierlech eppes kann do siche goen, an dass een och muss d'Aen drop halen, do ginn ech lech recht. Et muss een um Ball bleiwen. Et muss een oppassen, net dass do eng gedréit gëtt. Et muss een um Ball bleiwen, dat ass fir mech ganz kloer.

An där Diskussioun iwwert d'Tarificatioun vum Waasser, wou ech jo och ëmmer bemängelt hunn, dass mer nëmmen iwwert de Waasserpräis geschwat hunn an ni iwwert d'Qualitéit vum Waasser, dat hu jo och Leit hei gesot, den Här Etgen hat dat ugeschwat, sinn ech frou, dass mer elo emol iwwert dee Volet schwätzen, well d'Waasser kritt een net fir näischt!

A wann eng Direktiv gutt war, da soen ech lech dat éierlech, dat ass fir mech déi Waasserrahmenrichtlinie, dat ass eng wonnerbar Saach. Si huet als Objektiv, éischstens, dass mer propper Gewässer kréien op d'Horizonten 2015, 2021 an 2027 - Iwwerflähegewässer a Grundgewässer. Et sinn nëmme 7% vun eisen Iwwerflähegewässer an engem gudden Zoustand! 93% sinn an engem schlechten Zoustand! Ass dat dann normal?!

Am Buedem dat Waasser, deen eenzege Räichtum, dee mer hunn, nationale Räichtum, eist Waasser am Buedem: Do sinn zwee Corpse vun der Geologie vreckt, oder sinn net gutt, an dräi sinn an der Rei. Do muss mer dach eppes maachen, nondikass nach emol! An déi Direktiv schreift dat vir.

(*Interruptions*)

► **Une voix.**- Mir maachen eppes!

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Mir maachen eppes, mer maachen eppes!

(*Brouhaha général*)

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Hei, sot Äre Leit dat!

(*Interruptions diverses*)

Sot Äre Leit dat, Här Halsdorf. Mir wëssen et.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Mir hunn e Gesetz, mir hunn e Gesetz gestëmmt am Dezember 2008 a mir exekutéieren dat Gesetz, genau dat maache mer. Mir hu Moossnamenprogrammer, Här Gibéryen, mir hu Moossnamenprogrammer, mir hu Moossnamenprogrammer a Gestionsprogrammer, dat hu mer alles op d'Bee gesat. Dat leeft alles, dat geet säi Wee.

An deem Gesetz ass et virgesinn, dass d'Bierger mussen abezu ginn, wat ech immens wichtig fannen. An et ass virgesinn, dass een de Pol-lueur-payeur an den Utilisateur-payeur muss applizéieren, dat heescht, wie vill méi Knascht mécht, bezilt och méi.

Ech loosse jo nofroen, fir deenen dat ze soen, déi hei gemengt hunn, den degressive Präis oder dee Präis, deen dann a Fonctioun vun der Consommation kéint änneren, dat looszen ech jo nofroen zu Bréissel, ob dat méiglech ass oder net méiglech ass. Wann dat méiglech sollt sinn, da muss ee kucken, wéi een dat kann eventuell aféieren. Dat ass fir mech ganz kloer.

(*Interruption*)

Dat ass fir mech ganz kloer, sou dass dat Gesetz, dat mer hunn, e ganz gutt Gesetz ass, well et eis d'Méiglechkeet gëtt, eng nohalteg Waasserpolitik hei zu Lëtzebuerg ze maachen. Dat ass dat, wat mer brauchen, an dofir setzen ech mech an. Ech hu mech déi leschte Joren derfir agesat an ech wäert mech an Zukunft derfir asetzen, an dofir mengen ech, dass déi Diskussioun, déi mer hei geféiert hunn, dass et gutt ass, dass mer déi Diskussioun geféiert hunn. Et ass wichtig, dass d'Chamber in globo an och d'Regierung in globo seet, mir sinn net fir eng Privatiséierung vum Waasser, mir sinn dergéint - dat fannen ech eng gutt Saach -, mä am Fong geholl war et fir mech awer scho kloer, wéi ech an dee Sall hei erakomm sinn, dass déi Situation esou ass, wéi se ass. Dat heescht, dass mir alles wäerte maachen, dass keng Privatiséierung vum Waasser hei zu Lëtzebuerg kënnt.

Merci.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Här President!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Innenminister. Den Här Gira wëllt nach eng Kéier...

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Jo, ech sinn awer elo relativ iwwerrascht, gewuer ze ginn, dass d'Lëtzebuurger Regierung anscheinend dann déi Direktiven an där textueller Form, wéi se elo zu Bréissel proposéiert ginn, ënnerstëtzt.

► **Plusieurs voix.**- Jo!

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Ech wëll just drop opmierksam maachen, dass dann eenzel Saachen an Zukunft net méi méiglech sinn!

Et ass dann net méi méiglech, dass eng gréisser Gemeng, zum Beispill huele mer d'Stad Lëtzebuerg, géif Nopeschgemenge mat Waasser versueren, wann do net eppes entgéintkënn. Ech weess net, ob keen déi Texter gelies huet! Do geet et un. Dat ass net méi machbar. Et kënnen da gréisser Gemenge klenge Gemengen nëmme méi Waasser liwweren, wa géigesäiteg Flichten a Rechter do sinn. Wat an esou engem Fall zum Beispill net de Fall ass.

Ech hunn dat Gefill, Här President, dass hei awer e bësse labber iwwert déi Texter do ewechgaange gëtt an dass et héich Zäit gëtt, dass dat geschitt, wat mir scho méi laang gefuerdert hunn, dass de Minister wierklech mat senge Conseillere an d'Kommissioun kënnt an dass mer am Detail awer dann déi Texter duerchginn.

Mir maachen nämlech zesumme mat eise Europadeputéierten eng ganz aner Interpretatioun vun deenen Texter, wéi se elo zu Bréissel virleien, an op jidde Fall kënnen mir dat hei elo net esou am Raum stoe looszen. Ech si wierklech hei schockéiert, muss ech ganz éierlech soen!

► **Une voix.**- Très bien!

(*Interruptions diverses*)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gira. Den Här Innenminister nach eng Kéier.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Ech weess net, ob den Här Gira mer gutt nogelauschert huet. Ech widderhuele mech nach eng Kéier.

► **Une voix.**- Ganz gutt.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Dofir widderhuelen ech mech nach eng Kéier: Et ass ganz kloer, dass déi Direktiv hei ënner kengen Emstänn wäert Länner wéi Lëtzebuerg an och aner, déi wëllen d'Waasser an öffentlecher Hand halen, an iergendenger Form derzou forcéieren, dass se mussen d'Waasser aus der öffentlecher Hand ofginn an e Privatdëngen.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Dat ass net richtig!

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Dat ass dach eng Ennerstellung, dat doten! Et steet kloer an daitlech dran, et geet just drëm, an deene Länner, wou d'Waasser vun enger drëtter Hand gemaach gëtt, dass do net gemauschelt gëtt - da kommt, mir soen et op Lëtzebuergesch! Et geet drëm, dass an deene Länner, wou d'Waasser vergi gëtt iwwer e Marché public, dass et do kloer Regele gëtt. Et gëtt Län-

ner, do gëtt et iwwerhaupt keng Regeln. Et gëtt aner Länner, do gëtt et aner Regeln. A mir hätte gären am Marché intérieur ähnlech Regeln, fir dass déi Lénks Hand weess, wat déi riets Hand mécht.

(*Interruption*)

An et soll een näischt hei eraninterpretéieren, wat net hei eranzeinterpretéieren ass! Ech soen et nach eng Kéier: Déi Direktiv gëtt ënner kengen Emstänn iergendwéi der Kommissioun d'Méiglechkeet, e Land derzou ze verféieren, fir d'Waasser aus der öffentlecher Hand ofzeginn an eng privat Hand. An dat ass fir mech dee sprangende Punkt.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Innenminister. Domadder wär dës Diskussioun...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Här President, ech wollt just soen,...

► **M. le Président.**- Jo.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- ...mir hunn eng Demande als gréng Fraktioun gehat, scho méi laang, fir dat do eng Kéier an der Kommissioun diskutéiert ze kréien. Mir halen déi awer, soulaang dat opsteet, oprecht. Mir hätte gären, dass de Minister an d'Kommissioun eng Kéier kënnt.

► **M. le Président.**- Ech mengen, dat ass kee Problem. All Fraktioun huet jo d'Méiglechkeet, de Minister ze froen, datt deen eng Kéier an déi zoustänneg Kommissioun kënnt.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Eis Demande ass do, si ass do.

(*Interruption*)

► **M. le Président.**- Dann ass kee Problem. Ech mengen, da wäert de Minister dat maachen.

(*Interruptions*)

► **Une voix.**- Neen, de Bréif läit jo do.

► **Une autre voix.**- En ass schonn do?

► **La première voix.**- Dee läit schonn do!

► **M. le Président.**- Dat schéngt mer kee Problem ze sinn.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Wa mer sollen esou eng Réunioun maachen, Här President, da muss mer déi mat deene Ministeren, déi concernéiert sinn, maachen. An dësem Fall, ech hu jo gesot, et ass e Conseil compétitivité, dat heescht, et ass den Nohaltegkeetsminister, dee muss och mat invitéiert ginn, fir dass vun deem Ministère eng Persoun... Obschonn et eng Regierung gëtt, sinn et verschidden Departementer vun där Regierung, déi hei concernéiert sinn. An deem heite Fall ass concernéiert dann, wéi ech gesot hunn, de Ministre du Développement durable, well et am Kompetitivitéitsconseil ass. Den Economieminister ass och concernéiert. Well et Konzessiounen sinn, ass en och an deem Sënn concernéiert. An de Waasserminister, well et ëm d'Waasser geet,...

(*Brouhaha*)

...also et sinn dräi Ministeren, déi hei concernéiert sinn.

► **M. le Président.**- Ech mengen, dat ass jo kee Problem, datt dann all déi Ministeren, déi direkt oder indirekt heimadder ze dinn hunn, datt déi dann och an déi dofir zoustänneg Kommissioun kommen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Voilà! Kommt Der mam Bus?

► **M. le Président.**- Domadder wär dës Punkt ofgeschloss. Mir kéimen zum nächste Punkt, dat ass de Projet de loi 6519, e Projet de loi iwwert den Austausch vu klassifizéierten Informatiounen. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo just ageschriwwen: déi Hären Haupt a Kartheiser.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

6. 6519 - Projet de loi portant approbation des Accords entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et certains pays concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a



Kolleegen, bei dësem Projet geet et effektiv ëm d'Approbatioun vun aacht Accorden tëschent onsem Land an aacht anere Länner iwwert den Échange an och iwwert déi géigesäiteg Protektioun vu klasséierten Informatiounen a klassifiziertem Material. Ech ziele kuerz déi aacht Länner op: dat ass d'Tschechesch Republik, et ass Schweden, d'Slowakesch Republik, Finnland, onst Nopeschland Belgien, Slowenien, Estland a Georgien.

Ech ka mech och kuerzfaassen, well mer där heiten Accordë schonn eng ganz Rëtsch hei gestëmmt hunn: am Joer 2009, 2008 mat Däitschland, Frankräich, Lettland; 2010 an 2011 Portugal a Spuenien.

Bei dësen aacht Accordë geet et also och drëms, e rechtliche Kader ze schafen, an dee sech den Austausch an och de Schutz vun deenen Informatiounen aschreien. Dës aacht Accorden an och déi fënnef viregt Accordë waren nëmme méiglech, well dës Chamber sech den 19. Mee 2004 e Gesetz gestëmmt huet iwwert d'Protection des pièces an iwwert d'Habilitation de sécurité. A mir hunn eis doduerch e Kader ginn, fir sensibel Informatiounen ze klassifizéieren an och iwwert d'Habilitéierung vun deene Leit, déi Zougang zu esou Informatiounen hunn, e Gesetz ze maachen.

Déi Autoritéiten, déi dat maachen dierfen, sinn am Artikel 5 vun deem 2004er Gesetz genau stipuléiert, an et sinn och genau déi Autoritéiten, déi an deenen aacht Accorden och genannt ginn.

Déi aacht Accordë vun haut sinn all d'selwecht opgebaut. Si zielen all respektiv 14, 15 oder 16 Artikelen, an an deenen éischten Artikele geet et ëmmer ëm eng Rei Definitiounen. Aner Artikele beschäftege sech mat de verschiddene Grade vu Klassifikatioun an och mat den Equivalenzen. Dann ass och nach geregelt, wéi d'Autoritéiten, déi fir d'Sécherheet vun esou Informatiounen zoustänneg sinn, kënnen hiren „counterpart“ am Ausland besichlegen, fir ze kontrolléieren, wéi do den Aarbechtsflaß an d'Aarbecht gemaach ginn. Aner Artikele beschäftege sech mat Traduktiounsfroen, mat der Fro vu Reproduktioun vun esou Dokumenter an awer och mat der Fro vun der Destruktioun vun esou Dokumenter.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 26. Februar just eng Observatioun gemaach a gemengt, mir sollen am Intitulé aacht Ënnertitele maachen an all Kéiers déi aacht Länner opzielen. Fir de Rescht huet e keng Observatioun gemaach. D'Commission des Affaires étrangères huet den 18. März sech där Proposition vum Conseil d'État net ralliéiert. Mir hu fonnt, et ass besser, den Intitulé esou ze loosse, wéi d'Regierung e proposéiert huet, well dee méi einfach a méi kloer ass. A mäi schréftleche Rapport gouf och an där Sitzung unanime ugeholl.

Ech ginn elo also heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Angel. Den Här Haupt huet sech zréckgezunn. Da géif just nach den Här Kartheiser iwwreg bleiwen. Här Kartheiser, da kritt Dir d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, et si vläicht zwee Kommentaren ze maachen, mä virun allem wëll ech dem Här Angel Merci soe fir säi Rapport. En ass jo ëmmer ganz zouverlässeg an deenen heite Saachen, fir dat ganz verständlech ze presentéieren.

Zwee Kommentaren...

(Interruption)

Dat wëll ech net soen, mä zwee Kommentare wëll ech awer hei maachen. Deen éischten ass déi Unerkennung vun den nationale Sécherheitszertifikater duerch déi auslännesch Länner. Et gëtt jo eng Rei Leit, déi zumools am Kontext vun der Aktualitéit a leschter Zäit schwätze vun enger Ofschafung vum Service de Renseignement oder esou weider. Wa mir wëllen an internationale Kontakter weiderhin Zougang zu klassifizierten Dokumenter hunn, da brauche mer eng Autorité nationale de sécurité, déi habilitéiert ass, fir esou Saachen auszustellen a kredibel hir Aarbecht ka maachen, och datt et am Ausland als kredibel ugesi gëtt. Mir kënnen eis net als Land an eng Situatioun eramanövréieren, wou mer net méi Zougang zu klassifizierten Dokumenter hätten. Dat ass deen éischte Kommentar.

Deen zweeten: Här Angel, ech hunn e bëssen eng aner Lecture gehat vum Avis vum Statsrot wéi Dir. De Statsrot huet nämlech eng ganz wichteg Bemierkung nach gemaach. En huet gesot, a verschiddene vun deenen Accorden, déi kënne jo duerch administrativ Arrangementer tëschent de State modifizéiert ginn, an do seet de Statsrot, wann dat gemaach gëtt, da musse mir awer déi legislativ Prozedur anhalen a mir mussen déi parlamentaresch Prärogativen anhalen.

Fir eis als Chamber ass dat doten eng ganz wichteg Saach. Och déi technesch Accordë mam Ausland musse ratifizéiert ginn. An dat ass eppes, wat de Conseil d'État schonn e puermol gesot huet, och an anere Kontexter. En huet et och hei erëm eng Kéier gesot, an ech rappeléieren, och bei deene Programmes indicatifs de coopération an der Entwécklungshëllef, mir missten normalerweis déi Accorden all eenzel hei ratifizéieren, well et international Accordë sinn.

Dat gesot, ginn ech och gären den Accord vun der ADR. Villmools Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kartheiser. An d'Wuert kritt nach den zoustännegen Ausseminister.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères.** - Jo, Här President,...

► **M. le Président.** - Ah, entschëllegt! Pardon, Här Urbany. Jo, den Här Urbany kritt nach d'Wuert!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Jo, Merci. Mir sinn eis jo bewosst, Här President, dass mer hei iwwer e Gesetz diskutéieren, wat ganz enk zesummenhänkt mat där allgemenger Diskusioun, déi mer amgaange sinn ze féiere virum ganze Land iwwert de Geheimdéngscht, wou et eng Enquêtekommissioun gëtt, déi als Zil huet ze ënnersichen, wéi de Fonctionnement vun deem Geheimdéngscht ass a wat fir Konklusiounen een doraus zéie soll.

An et ass ganz kloer vun Ufank u gesot ginn, och vum President vun där Kommissioun, vum Här Bodry, dass et drëm geet, fir alles ënnert d'Lupp ze huelen, bis zur Fro iwwerhaapt vun der Existenz vun engem Geheimdéngscht.

Ech hunn och nach um Blog vum Här Bausch elo gelies, dass hien och derfir antrëtt, fir ouni Tabu iwwert d'Existenzberechtigung souguer vun engem Geheimdéngscht ze diskutéieren.

An ech fannen, et ass wierklech virun de Won gelaf, dass mer hei elo, anscheinend da mam Accord vun alle Parteien hei, sollen déi Gesetzter unhuelen, déi awer regelen e wesentlecht Aufgabegebit vum deem Geheimdéngscht, nämlech den Émgang mat de klassifizierten Dokumenter, woufir en och zoustänneg ass a wou sech awer menger Meinung no, eng ganz Rei vu Problemer och erginn; ech mengen, och souguer, wat d'Natur vu verschiddene Klassifizierungen, déi ongerechtfertegt sinn, an esou weider ugeet.

An ech mengen och - eng ganz wichteg Fro -, wat den Zougang vun de Leit zu hiren Dossieren ugeet: Mir kréien do ëmmer gesot an der Enquêtekommissioun vum aktuellen Direkter vum Geheimdéngscht, déi Piëcen, déi draleien, déi vun anere Länner kommen, zum Beispill vun der Belsch, mat deene mer hei en Accord solle maachen, déi kritt keen eras. Déi gi mer net eras, well dat dierfe mer net, mir si gehalen, duerch international Accordë wéi déi hei, déi mer elo frësch solle stëmmen.

An ech fannen, dat ass awer ganz problematesch, well den Zougang vun de Leit zu deene Piëcen do, deen ass zum Beispill net geregelt hei an deene Gesetzter, an deenen Accorden, déi d'Basis vun deene Gesetzter hei sinn.

Also, ënnert deenen Ëmstänn do kann ech op jidde Fall meng Zoustëmmung heizou net ginn, an ech géif et gutt fannen, wann een déi ganz Diskussioun do no eise Konklusiounen vun der Enquêtekommissioun géif setzen an da frësch nach eng Kéier iwwert dat hei alles diskutéieren.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Urbany. D'Wuert kritt elo den Ausseminister.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères.** - Also, Här President, ech mengen, heibanne gëtt et Leit, déi méi Bescheid wësse wéi ech iwwert de SREL. Mä ech wëll lech just hei soen, dass et eng Traditioun ass vun der Lëtzeburger Regierung, fir Accorden ze maache mat ville Länner op der Welt, fir eben déi Sécherheet am Zougang zu oder am Iwwerdroe vun Dokumenter ze kréien. An ech mengen net, dass mer awer elo sollen hei an eng Phobie verfalen an alles, wat Dokumenter sinn, déi e weëneg ee partikulare Charakter hunn, déi awer och mat der Sécherheet vun eise Land ze dinn hunn, dass mer dat elo an eng Vitrine stellen, wou mer net méi sollen derduerch gesinn.

Dofir géif ech mengen, Här President, d'Chamber, nom Rapport vum Här Angel, sollt effektiv, wa se dat wëllt, hei dat positiv begleeden. Ech mengen, dass d'Regierung op kee Fall wëllt Abus heimadder maachen, an déi Klassifizierung, wat den Här Urbany ugeschnidden huet, do gëtt et international Regeln, wat a wéi d'Saachen ënnert déi Klassifizierung falen. Och natierlech iwwert d'Clearance, wat fir Leit déi Dokumenter hei zur Verfügung gestallt kréien. Déi Leit, déi keng Clearance hunn - dat musse mer wëssen -, déi kënnen effektiv déi Dokumenter hei net kréien, well soss verstousse mer géint internationaalt Recht oder géint international Konventiounen, déi mer mat anere Länner oder mat aneren Organisatiounen ofgemaach hunn.

Merci.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Ech froen nach eng Kéier Parole après ministre kuerz.

► **M. le Président.** - Jo, Här Urbany!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Ech mengen, ech wëll awer dorobber kuerz äntwerten. Mir hunn dat Gesetz 2004 ugeholl iwwert de Geheimdéngscht. Mir si kuerz virun de Konklusiounen, bon, kuerz net, menger Meinung no, mä mir sinn awer, loosse mer soen, e puer Méint virun de Konklusiounen vun där Enquêtekommissioun. An ech gesinn net an, firwat elo net kann e puer Méint gewaart ginn, bis een iwwert déi hei Saachen ofstëmmt. Mir haten elo zënter 2004 Zäit, doriwwer ofzestëmmen.

(Brouhaha)

► **M. le Président.** - Okay, Här Ausseminister!

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères.** - Ech mengen, dat ass net ganz richtig! Dat hei si jo Accorden, déi no 2004 signéiert gi sinn! An déi mer elo hei solle guttheeschen. Dat huet jo näischt mam Gesetz vun 2004 ze dinn. Mir hunn opgrond vun der Gesetzgebung, déi mer hunn, nei Accordë mat anere Länner ofgeschloss an déi wëlle mer elo hei guttheeschen. Méi ass et net!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Et sinn Accordë vun 2011, gesinn ech hei...

► **M. le Président.** - Ech mengen, Här Urbany, Dir hat elo eng Kéier d'Parole après ministre, Dir konnt nach eng Kéier Är Meinung soen, den Här Ausseminister huet geäntwert, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6519 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6519 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, géint 1 Nee-Stëmm an 1 Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marcel Oberweis), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Scheuer), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydia Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Jacques-Yves Henckes.

A voté non: M. Serge Urbany.

S'est abstenu: M. Jean Colombara.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun de Mëtteg, an zwar huet d'DP-

Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwer EU-Sanktiounen ugefrot. Hei ass och d'Riedezäit erëm nom Artikel 84 zweeten Alinéa vun eise Chambersreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktiounen jeeweils fënnef Minutten, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Vérelstonn. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eischen, Fayot, Braz, Kartheiser an Henckes.

D'Wuert huet elo den Här Xavier Bettel als Vortrieder vun der DP-Fraktioun. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

7. Heure d'actualité du groupe politique DP au sujet des sanctions à disposition de l'Union européenne

Exposé

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Merci, Här President. Mir hunn allegueren déi lescht Zäit regelméisseg an der Press kënne liesen, dass an Ungarn déi eng oder déi aner Mesure législative, déi geholl ginn ass, fir vill Kritiken an op vill Kritike gestouss ass. Mir hunn och festgestallt, dass, ob dat europäesch Institutione sinn a souguer méi wäit, dat heescht, déi amerikanesch Regierung zum Beispill, bei deene leschten Dispositiounen, déi am März 2013 geholl gi sinn, och..., an ech zitieren: «...pourraient menacer les principes d'indépendance institutionnelle et de freins et contrepoids qui sont la marque d'une gouvernance démocratique.»

Dat heescht, dass op jidde Fall mat deene leschten Dispositiounen, déi den Här Orbán mat senger Partei an Ungarn geholl huet, en op vill Kritik gestouss ass an déi vill Suerge maachen.

Et ass net fir d'Éischt, wou dës Regierung Texter hält, déi op international Kritike stousse. Schon 2010 war jo deen Text iwwert d'Médien, wou och jo Problemer waren, wou am Fong eng Kommissioun sollt créiert ginn, déi hätt kënnen indépendamment der Press, ob dat elo Zeitunge sinn, ob dat Radio, ob dat d'Televisioun gewiescht wieren, Sanktiounen kënne spriechen. Ganz héich Sanktiounen. Et war och een Organ, dat politesch besat gi war an am Fong kee Geriicht, an dunn, deemools, op Pressioun vun der Europäescher Unioun - an do muss ee soen, dass ee frou ass, dass ee gesäit, dass een awer och en Drockmëttel huet - huet deemools dann och de Victor Orbán, no-deems e vill kritiséiert ginn ass, décidéiert zréckzegoen.

D'Gesetzer si ganz wäit gaangen an d'Press huet missen hir Quellen divulgéieren. Et huet ee keng..., et huet een Texter misse schreiwen, déi hu misse politesch équilibréiert sinn. Dat heescht, et war am Fong en Text, dee liberticide war vis-à-vis vun der Press. A wéi gesot, am Februar 2011 si se méi no komm.

Nun, 2013, ass elo dee leschten Text komm, dee geet iwwert d'Cour constitutionnelle, wou am Fong eng ganz Rëtsch vu Leit gesot kréien, si missten a Pensioun goen, wou d'ganz Jurisprudenz annuléiert gëtt, wou gesot gëtt, dass d'Kompetenze vun der Cour constitutionnelle missten annuléiert ginn. An dunn ass, wéi gesot, um internationalen Niveau ganz vill Diskussioun driwwer gewiescht, wat dat mat sech géif bréngen.

Ech zitieren zum Beispill den «Nouvel Obs.», deen och wierklech do... Also, kommt, mir fänken elo mat anere politeschen Organer un. De französische Senat seet: «Le groupe d'amitié France-Hongrie exprime ses inquiétudes à l'annonce de la récente réforme constitutionnelle.»

Am «Nouvel Obs.» konnt een och liesen, dass et wierklech ganz schlëmm wier, an den Orbán huet do gesot, dat wier fir hie kee Problem an dass 95% vun deenen Texter, déi si géifen huelen, konform zu den europäeschen Texter wieren.

Ech muss lech soen, wann een awer d'Reaktioun gesäit, ob dat vun der Kommissioun ass, ob dat vum Conseil de l'Europe ass, mierkt een, dass dat net de Fall ass.

Wat gëtt et dann an Europa? Am Moment gëtt et den Artikel 7. Den Artikel 7 gëtt dann eng Méiglechkeet, dee jo duerch den Traité vun Amsterdam vu '97 komm ass, fir dass ee kann zum Beispill den Droit de vote blockéieren, dass ee kann déi eng oder déi aner Dispositioun huelen. Mä fir dass den Artikel 7 a Kraaft trëtt, ass et zimlech komplizéiert. Et ass eng schwéier Prozedur. Et soll een och soen, d'Sanktiounen sollen och net esou einfach geholl ginn. Mä et ass eng Prozedur, déi zimlech schwéierfällg ass.

An dowéinst muss ee sech d'Fro stellen, ob et net opportoun wier, fir vläicht Sanktiounen kënnen ze hunn, déi net esou solennel, net esou prozedural schwéier wieren. A wann ech